N° 5008
Reçue le 24.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.09.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Stater Oppositiounsparteien hu sech den 21ten September an engem Bréif un d'Madamm Banneministesch gewannt, an dem si d'Ministesch eng weider Kéier bieden, ze intervenéieren, fir datt d'Stater Gemeng d'Konventioun mat der privater Sécherheetsfirma kënnegt. Am Bréif gëtt op déi widdersprëchlech Aussoe vun der Buergermeeschtesch an engem Schäffe par Rapport zu den Aufgabe vun der privater Sécherheetsfirma an dem Incident op der Stater Gare vum 4te September opmierksam gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Madamm Ministesch beim Schäfferot vun der Stater Gemeng intervenéieren, fir de Kontrakt mat der privater Sécherheetsfirma ze kënnegen?

2. Wäert d'Madamm Ministesch beim Schäfferot vun der Stater Gemeng intervenéieren, fir dass kee weidere Kontakt mat enger privater Sécherheetsfirma, deen Aufgaben enthält, déi net vum Gardinage-Gesetz vun 2002 ofgedeckt sinn, méi wäert ofgeschloss ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

N° 5008
Reçue le 13.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

La Ministre de l'Intérieur
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Luxembourg, le 12 octobre 2021

**Objet :** Question parlementaire n°5008 du 24 septembre 2021 de l'honorable Député Marc Goergen concernant les activités de gardiennage et de surveillance exercées par des entreprises privées au profit de communes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5008 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet „Activités de gardiennage et de surveillance exercées par des entreprises privées au profit de communes"**

Et ass e Recours en annulation virum Verwaltungsgeriicht déposéiert gi géint zwee Courrieren, déi ech am Kader vun de Gardiennagekontrakter vun der Stad Lëtzebuerg un d'Oppositiounsparteie verschéckt hunn. D'Affär ass nach net tranchéiert an, souwäit ech weess, ass och e Recours déposéiert gi géint Décisioune vun der Stad Lëtzebuerg, fir déi Gardiennagekontrakter ofzeschléissen. Ënner deenen Ëmstänn a bis en Uerteel vum Verwaltungsgeriicht geholl ginn ass, imposéiert et sech, dass ech mech net zu der Legalitéit vun den Décisioune vun der Stad Lëtzebuerg a vun de Kontrakter prononcéieren.